*Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l.*

# Eng nei Presidentin fir d'LLJ

## D'Angèle Mersch huet um dësjärege Landjugenddag d'Féierung un der Spëtzt vum Jugendmouvement iwwerholl



*Um 44. Landjugenddag, deen den 10. Mee 2018 zu Ischpelt vun der LLJ Cliärref organiséiert ginn ass, huet d'Angèle Mersch (r.a.B.) d'Charge vun der LLJ-Presidentin vum Nelly Meyers iwwerholl*

Zënter dem 44. Landjugenddag, deen den 10. Mee 2018 vun der Landjugend Cliärref zu Clierf organiséiert ginn ass, huet d'*Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* (LLJ) eng nei Presidentin an der Persoun vum ***Angèle Mersch***. Si assuréiert deemno – zesumme mam Marc Roeder – d'Tâchen un der duebeler Spëtzt vun eiser Jugendorganisatioun.

Bekanntlech gëtt d'Associatioun zënter de Modifikatioune vun de Statute vum 15. Abrëll 2016 vun zwee Presidente gefouert:

- Dee professionelle Volet ronderëm d'Jongbaueren ass zënter dem 20. November 2016 vum Marc Roeder iwwerholl ginn;
- deen éischter op Fräizäitaktivitéiten ausgeriichte Volet vun der Landjugend fält deemno neierdéngs an den Zoustännegkeetsberäich vum Angèle.

Bedéngt duerch nei beruflech a privat Erausfuerderungen huet d'Virgängerin vum Angèle hire Récktrëtt am Nationalcomité am November 2017 bekannt ginn. Geschwënn drop huet d'Angèle sech bereet erklaert, fir d'Funktioun vun der Presidentin vum 10. Mee 2018 un ze iwwerhuelen.

D'***Nelly Meyers*** huet eise Jugendmouvement vum Landjugenddag 2015 un, mat vill Geschéck a Fangerspëtzegefill gefouert. Mir soen eiser fréierer Presidentin heimat e ganz grousse MERCI fir hiert grousst Engagement am Interessi vun deene Jonken an eiser Associatioun.

Mat deem folgenden Interview wëlle mir vun der Geleeënheet profitéieren, fir de Memberen, Frënn a Sympathisante vun der LLJ eis nei Presidentin virzestellen. D'Angèle ass säit enger Rei vu Joren am regionale Landjugendgrupp Süden aktiv an zënter 2016 och am Nationalcomité vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* vertrueden.



### *Angèle Mersch*

*gebuer, de 6. August 1995*

*Wunnt zu: Näerzeng*

*Beruff: Päerdsstallbesëtzerin*

*Funktiounen innerhalb vun eiser Associatioun:*

| | |
|---|---|
| *Member vun der LLJ Süden:* | *zënter 2013* |
| *Member vum Comité vun der LLJ Süden:* | *zënter 2016* |
| *Member vum Nationalcomité vun der LLJ:* | *zënter 2016* |
| *Member vum Aarbechtsgrupp Agrarpolitik:* | *zënter 2018* |

*Hobbyen: Landwirtschaft, Natur- an Déiereschutz, Sport, Musek*

# Responsabilitéit iwwerhuelen

***Angèle,***

***Mir kennen Dech zënter 2016 als aktive Member vun der LLJ Süden a vum Nationalcomité vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren. Deng wäertvoll Mataarbecht an Deng positiv Impulser bei der Landjugend Süden an am Nationalcomité wësse mir ze schätzen. Wat huet Dech motivéiert, fir déi nei Erausfuerderung un der duebeler Spëtzt vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren unzehuelen?***

Ech si motivéiert, mech bei der Organisatioun vun den Aktivitéite vun der LLJ ze bedeelegen a mech fir d'Landwirtschaft anzesetzen. Ech wëll och de Jugendlechen eng Méiglechkeet bidden, sech kulturell ze entwéckelen a Verantwortung ze iwwerhuelen, woubäi eng gutt Zesummenaarbecht eng wichteg Roll spillt.

Ech gesinn dat och als eng grouss Chance, fir mech perséinlech an de Beräicher vum Sozialen, der Kultur an der Relioun weiderzëentwéckelen.

***Als Member vum Nationalcomité vun der LLJ hues Du sécher Deng Virstellunge vun deem, wat Deng Aufgab als Presidentin vum Jugendmouvement bedeit?***

Mäi grousst Zil ass et, déi Jonk zesummenzeféieren a mech fir eng gutt Zesummenaarbecht anzesetzen. Dobäi ass d' Koordinatioun vun den nationalen Aktivitéiten am Aklang mat deene vun eise siwe regionalen LLJ-Gruppen e wichtege Punkt. Hei wëll ech meng Responsabilitéit iwwerhuelen.

Ech verweisen an deem Zesummenhang op eis nächst Landjugend-Power-Aktioun, déi iwwer de Weekend vum 22. – 23. September 2018 op benevoller Basis vun de siwe Landjugendgruppe realiséiert gëtt.

Wärend der Aktioun, déi sech op 36 Stonne limitéiert, hunn d'Memberen aus de Gruppe vun der LLJ d'Aufgab, eng gemeinschaftlech Aarbecht duerchzeféieren, déi der lokaler Bevëlkerung am ländleche Raum zegutt kënnt. D'Aufgab, déi de Grupp fir déi respektiv Gemeng realiséiert, gëtt am Virfeld vun de Gemengeverantwortleche geplangt a preparéiert. Si bleift allerdéngs bis dee leschte Moment geheim. Dat néidegt Material an Handwierksgeschir gëtt de Gruppe vun den technesche Servicer aus der Gemeng zur Verfügung gestallt. D'Aktioun gëtt an deene meeschte Fäll mat der Inauguratioun a Präsenz vun de Gemengenautoritéiten a weideren Invitéen ofgeschloss.

E weidere wichtege Punkt, dee mir um Häerz läit, ass den Image, deen d'Landwirtschaft an eiser Gesellschaft huet. Déi Verantwortlech vun eiser Associatioun sinn sech bewosst, datt d'Landwirtschaft nees méi no bei de Konsument bruecht muss ginn. Duerch verschidden Aktiounen – wéi *Fro de Bauer* (www.fro-de-bauer.lu) – soll de Konsument deemno op d'Realitéite vun de Produzenten opmierksam gemaach ginn. Och hei wëll ech mäi Bäitrag leeschten - dat niewent dem Engagement fir den Naturschutz an den Environnement.

Mäin Uleies ass et, fir mech fir d'Interessie vun der Jugend anzesetzen an hinnen zur Säit ze stoen. A wéi et sech fir eng Jugendorganisatioun gehéiert, soll d'Freed un der Saach an de Spaass ënner Frënn weiderhi grouss geschriwwe ginn.



*Um Jongbauerendag 2017*

***Bekanntlech ass d'Landjugend am Joer 1972 aus der éischter beruffsspezifescher Organisatioun vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer ervirgaangen. Si sollt deene Jonke vum Land, déi net méi direkt mam Baueremilieu verbonne waren, eng méi breetgefächert Palett vun Aktivitéiten ubidden an Themeberäicher vu Jugendlechen upaken, déi iwwer hir berufflech Interessien erausginn.***

***Esou stinn all Joer eng Rei vun Aktivitéiten um Kalenner mat deenen d'Landjugend sech mëttlerweil identifizéiert an déi sech iwwer eng laang Zäit bewäert hunn: de Landjugenddag, d'Landjugend-Power-Aktioun, den Dag vun der Kooperatioun, d'Bedeelegung um Pélé des Jeunes, d'Bedeelegung un der Foire Agricole zu Ettelbréck, d'Publikatioun vum Landjugend-Kalenner, …***

***Wat bedeit et fir Dech, engem Mouvement virzestoen, deem seng Memberen sech ëmmer nees bereet erklären, fir sech fir eng nëtzlech Saach anzesetzen a Verantwortung ze iwwerhuelen?***

Mir sinn eng grouss Equipe mat verschiddene Gruppen a Meenungen. Et ass deemno wichteg, fir ëmmer nees Verantwortung ze iwwerhuelen. Et soll ee Changementer am Laf vum Liewen akzeptéieren an en oppent Ouer fir d'Belaanger vun deene jonke Memberen hunn.

Dat ass et, wat äis virubréngt. Duerch déi Jonk kréie mir déi néideg Dynamik an nei innovativ Iddien. Duerch eng gutt Zesummenaarbecht an eng gutt Kommunikatioun kann een dann esou vill op d' Been stellen.

Ech si bereet, fir meng Responsabilitéit ze iwwerhuelen, déi Jonk ze begleeden an d'Associatioun do ze vertrieden, wou dat gefrot ass – sief dat op nationalem oder internationalem Plang.

***Wat fir eng Erwaardungen hues Du un déi regional Gruppen an un den Nationalcomité?***

Eng gutt Zesummenaarbecht ënnert de Jonken an déi géigesäiteg Ënnerstëtzung sinn d'Essenz vun engem Jugendmouvement. Fir d'Associatioun weiderhin attraktiv fir déi Jonk ze halen, heescht et och si fir nei Aktivitéiten ze begeeschteren, se mat hinnen zesummen ze plangen an ze realiséieren. Ech sinn iwwerzeegt, datt ech op d'Memberen ziele kann, fir d'Dynamik an der LLJ waakreg ze halen.



*Op der AG vun der LLJ (2018)*

***Kanns Du äis Deng Erfarunge matdeelen, déis Du bei der LLJ Süden gemaach hues?***

Ech sinn duerch mäi Partner – de Jeff Schmit – deen zënter enger Rei Jore bei der Landjugend Süden am Comité täteg ass, an zënter 2017 och do de Poste vum President iwwerholl huet, bei d'LLJ Süden gestouss. Mir hunn ufanks zesummen un de Preparatioune fir d'Kalvalkade geschafft, wat et mir erlaabt huet, fir weider Kontakter am Grupp ze kréien. Doduerch huet sech d'Geleeënheet erginn, fir mech bei der Organisatioun vun den Evenementer, wéi der Landjugend-Power-Aktioun, dem Plouconcours, de Baler, … ze bedeelegen. Duerch mäin Engagement sinn ech am Comité vum „Süden", an deemno och am Nationalcomité vun der LLJ opgeholl ginn.

Fir mech zielt d'Kraaft an d'Motivatioun, déi mir als Equipe opgebaut hunn, zur schéinsten Erfarung bei der Landjugend. Et ass schéin ze gesinn, datt d'Memberen engem zur Säit stinn an sech fir d'Interessie vun der Jugend asetzen.

***Gëtt et Denger Meenung innerhalb vun der LLJ, Beräicher déi een nei/anescht ugoe kann/misst?***

Ech wënsche mir eng grouss Zesummenaarbecht ënnert deene jeeweilegen LLJ-Gruppen, wou een sech als Zil kënnt setzen, fir zesummen nei a méi grouss Aktivitéiten op d'Been ze stellen. D'Organisatioun vun der erfollegräicher 1. Editioun vum ***Bauerenhaff an der Stad*** (1. – 2. Abréll 2017) ass de Bewäis, datt eis Associatioun bereet ass fir nei Weeër ze goen an niewent deenen traditionelle Manifestatiounen, weider grouss Erausfuerderungen ugoe kann.

Innerhalb vun de regionale Gruppen ass et fir mech wichteg, ëmmer eng gutt Kommunikatioun ze hunn, fir eng gutt Zesummenaarbecht ze garantéieren.

Ee weidere Wonsch ass et, datt sech an de Gruppe méi Membere mam Volet Kooperatiounsaarbecht



*Op der AG vun der LLJ Süden (2018)*

ausernee setzen an sech méi fir d'Problematiken an de mannerbeméttelte Länner interesséieren.

***Wéi gesäis Du d'Zukunft vun der LLJ?***

Ech gesinn, datt d' LLJ grouss Efforte mécht (zum Beispill, duerch den Asaz vum Aarbechtsgrupp „Agrarpolitik"), fir hire Bäitrag zur Agrarpolitik ze leeschten. Déi Verantwortlech vun der Associatioun wëssen hir Memberen ëmmer nees anzebannen, esou datt si um richtege Wee sinn. Dat beweist och déi grouss Dynamik, déi ëmmer erëm opkënnt fir d'Haaptaktivitéite vun der LLJ ëmzesetzen, wéi beispillsweis dee rezente Landjugenddag, awer och bei méi neie Projeten – wéi de „Bauerenhaff an der Stad".

Ech gesinn och d'Méiglechkeet fir d'Kommunikatioun ze optimiséieren a méi geziilt op déi sozial Netzwierker bei eiser Verbandsaarbecht zréckzegräifen.

***Wéi vill Zäit hält Däin Engagement fir d'LLJ elo schonn an Usproch?***

Wann een eppes gäre mécht, da fält et engem net schwéier, fir sech fir eng Saach anzesetzen. Et gesäit een dann och net, wéi vill Zäit fir en Engagement investéiert gëtt. Et soll een sech keng Gedanken ëm déi investéiert Zäit maache well et soss - menger Meenung no - kee Spaass méi mécht.

Fir awer direkt op d'Fro ze äntwerten, kann ech soen, datt ech mäin Engagement bei der LLJ eescht huelen a mech dofir – esoubal datt et kloer war, datt ech d'Successioun vum Nelly untriede wäert - lues a lues an d'Matière ageschafft hunn. Ech war an eisen 9 dësjärege Generalversammlungen (Generalversammlunge vun de 7 regionale Landjugendgruppen, der LLJ an der ONG) present an hunn de Marc Roeder – eise President fir de Beräich, deen d'Jongbauere betrëfft – op verschiddene Reuniounen, Informatiounsversammlungen a Konferenze begleet, déi vum Landwirtschafts-, Ëmwelt- an Inneministère, vu verschiddene Parteien, vun de Baueregewerkschaften, vu CONVIS, vu Bio Lëtzebuerg oder vun der CGJL (Conférence Générale de la Jeunesse du Luxembourg) aberuff gi sinn.

Derniewent sinn ech an eisen internen Aarbechtsgruppen „Agrarpolitik" an „LLJ•News" mat aktiv.

***Wéi gesäis Du d'Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg a wéi kann d'LLJ Denger Meenung no dozou bäidroen, datt de Status vum Bauer a Produzent an eiser Gesellschaft nees méi valoriséiert gëtt?***

Mir mussen de Konsument méi no un d'Landwirtschaft bréngen. Dofir sinn eis Initiativen ewéi de Bauerenhaff an der Stad oder Fro de Bauer esou wichteg. Wéi schonn uewen ernimmt muss de Konsument richteg iwwer d'Produktioun vu senge Liewesmëttel informéiert ginn. Déi Verantwortlech vu Fro de Bauer wëllen deemno an enger nächster Phas bei deene Jéngsten usetzen an hunn e Projet ausgeschafft fir e Spezialist anzesetzen, deen – wann alles gutt klappt – schonn am September 2018 an de Grondschoulklassen an de LEADER-Gemengen am Asaz ass.




*Op der AG vun der ONG (2018)*

***D'Kooperatiounsaarbecht an Afrika stellt bekanntlech zënter iwwer 50 Joer en Haaptbestanddeel vum Schaffe vun der Landjugend a Jongbaueren duer. Wéi gesäis Du dat Engagement?***

Et ass haut méi ewéi jee néideg, datt mir zesummeréckelen an ee fir deen aneren do sinn. Dat gëllt och fir eis Frënn an Afrika a besonnesch fir d'Landbevëlkerung op der Plaz, fir déi mir äis scho bal 60 Joer asetzen.

Mat Projeten, déi déi lokal Produzenten ënnerstëtzen a weiderbilden, respektiv d'Bildung vun de Kanner a Jonke viséiert, soll de Beneficiairen eng besser Zukunft erméiglecht ginn. Ech fannen dat eng gutt Saach a wënschen datt och déi Populatiounen esou ëmmer méi d'Méiglechkeete kréien, fir hiert Liewe besser a méi einfach ze gestalten. Dowéinst ass et wichteg, datt sech déi Jonk fir d'Kooperatiounsaarbecht asetzen an iwwer dee Wee hire Bäitrag zu enger besserer Welt leeschte kënnen.

***Mir soen dem Angèle e grousse Merci fir dës interessant Andréck a wënschen him „Bonne Chance" an der Funktioun vun der Presidentin. Dem Nelly soe mir e ganz grousse Merci, fir säin Engagement am Déngscht vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a wënschen him vill Freed a Satisfaktioun am Beruff an an sengem jonke Stot.***



*Um Landjugenddag 2018*